

Nummer Sechs: D'Naturschoul op Youtube

Gitt op Youtube och eise sechste Film kucken : "Fossilien zu Zowaasch"

Hei de Link:

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eise Quiz.

1. *Wéi heescht de Musée mat Fossilien zu Lasauvage?*
 - Musée Eugénie Pesch
 - Musée Eugène Pesch
 - Musée Décke Pesch
2. *Winni hunn d'Déiere gelieft, aus deenen eis Fossilien entstane sinn?*
 - virun Dausende Joren
 - viru Milliounen Joren (**eigentlech bis zu Honnerte Milliounen Joer**)
 - viru Milliarde Joren
3. *Firwat fanne mer net vill Dinosaurier-Fossilien zu Lëtzebuerg?*
 - Eist Land woar ze kleng fir di riseg Dinoen.
 - D'Dinoe goufen all vun engem risege Meteorit doutgemaach, deen op d'Äerd gefall ass.
 - Eis Fossilie si bal all an engem Mier entstanen. Dinoen hunn awer u Land gelieft.
4. *Wéi ginn d'Belemniten op Lëtzebuergesch och genannt?*
 - Donnerkäil
 - Donnerwieder
 - Donnerknippchen (**sou kann ee fluchen, kredjëftnamol an nondikass !**)
5. *Mat wéi engem fossille Material gëtt "fossil Energie" produzéiert ?*
 - mat Bernstein
 - mat Pëtrol/Äerdueleg
 - mat Ammoniten
6. *Aus Kuel kann och di häertste Matière op der Welt entstoen. Wat ass dat?*
 - Fossilien
 - Gold
 - Diamanten

